# NEWSLETTER DÉCEMBRE 2023



MAISON DE L'ORIENTATION

Deng Schoul. Däi Beruff. Deng Zukunft.

MAISON DE L'ORIENTATION

Deng Schoul. Däi Beruff. Deng Zukunft.

www.maison-orientation.public.lu

## ACTUALITÉS

## L'offre scolaire internationale publique au Luxembourg

D’Landschaft vun den ëffentlechen internationale Schouloffere gëtt ëmmer méi villfälteg. All d’Informatioune ronderëm dës diversifizéiert Schoullandschaft op enger Plaz ze versammele fir och d’Orienteuren a Beroder bescht méiglechst an hirer Aufgab z'ënnerstëtzen, war dowéinst d'Zil vum Event “L’offre scolaire internationale publique au Luxembourg”, deen den 1. Dezember stattfonnt huet.

Ronn 130 Participanten hu sech un dësem Mëtten am Forum Geesseknäppchen versammelt fir um Informatiounsevent vun der Maison de l’orientation, dem Service des offres internationales et européennes esouwéi dem Service national de l’intégration et de l’accueil scolaires vum MENEJ deelzehuelen.

No aféierenden thematesche Interventiounen an der Plénière haten d’Participanten d’Méiglechkeet, sech an Informatiounsatelieren iwwer d’Profiller a Méiglechkeeten an de Schoule mat enger ëffentlecher internationaler Offer z'informéieren.

Dank dem Engagement vun all de bedeelegte Schoulen an Experte konnten an dësem Mëtte villfälteg Informatiounen ausgetauscht a Kontakter geknëppt ginn.

Mir soen nach eng Kéier ganz häerzlech all eise Partneren a Participante Merci, déi dësen Dag zu engem Succès gemaach hunn.








© Stéphane Botzem - MENEJ

## Porte ouverte interne an der Maison de l'orientation

De 7.Dezember war et nees esou weit: d'Maison de l'orientation hat hier alljärlech Porte ouverte interne. De ganzen Dag iwwer hu sech d'Agenten aus de verschidde Servicer aus dem Haus iwwer hier Offer am Beräich vun der schoulescher a berufflecher Orientéierung ausgetosch!

Nieft ville flotte Presentatiounen an interessanten Echange war et awer och d'Geleeënheet fir sech bei engem Boxemännchen an engem Kaffi nach besser kennenzeléieren!

Ee grousse Merci un de Service national de la jeunesse, d'ATVA - Agence pour la Transition vers une Vie Autonome, de Centre psycho-social et d'accompagnement scolaires, de Service d'orientation professionnelle vun der ADEM - Agence pour le développement de l'emploi, de Service de la Formation des adultes, de Service de l'intégration et de l'accueil scolaires, de Service vun der Validation des acquis de l'expériences, de Service de la Formation professionnelle an de Service de la Reconnaissance des Diplômes fir hier Interventiounen.

Merci och un Euroguidance Network fir déi lecker Schneekegkeeten, de Patt an d'Präisser, déi een am Kader vun engem Quiz gewannen konnt!





# ÉVÉNEMENTS À VENIR




### Séance d'info - Les études supérieures en Suisse

**18 janvier 2024 à 18h**

**Séance en ligne**

Vous souhaitez poursuivre vos études supérieures en Suisse et vous voulez en savoir plus sur les modalités d'inscription, les différentes universités et la vie estudiantine ? Alors rejoignez-nous pour cette séance d'information en présence de Mme Krepp du service *Study in Switzerland* et du service *AideFi du Ministère de la Recherche et de l'Enseignement supérieur*.

**Inscriptions**

## Événements organisés par la Maison de l'orientation

- **18 janvier :** Séance en ligne - Les études supérieures en Suisse (18h / langue FR)
- **23 janvier :** Séance d'info - Mat der Schoul oder de Studie (fréizäiteg) opgehalen oder färdeg? An elo? (15.00 - 17.00 / Maison de l'orientation / langues LUX + FR)
- L'entrepreneuriat
  - **1 février :** Sensibilisation à l'entrepreneuriat (15.00 - 17.00 / Maison de l'orientation / langue FR)
  - **22 février :** Développement d'un projet entrepreneurial (15.00 - 17.00 / Maison de l'orientation / langue FR)
  - **5 mars :** Validation et réalisation du projet d'entreprise (15.00 - 17.00 / Maison de l'orientation / langue FR)
- **27 février :** Séance d'info - Les métiers Bibliothécaire, Archiviste, Documentaliste (15.00 - 17.00 / Maison de l'orientation / langue LUX)
- **7 mars :** Atelier CV (15.00 - 17.00 / Maison de l'orientation / langue FR)
- **12 mars :** Séance d'info - Les métiers Armée, Police, CGDIS (15.00 - 17.00 / Maison de l'orientation / langue LUX)
- **14 mars :** Atelier Lettre de motivation (15.00 - 17.00 / Maison de l'orientation / langue FR)
- **19 mars :** Séance d'info - Les métiers Bibliothécaire, Archiviste, Documentaliste (15.00 - 17.00 / Belval / langue FR)
- **21 mars :** Atelier Entretien d'embauche (15.00 - 17.00 / Maison de l'orientation / langue FR)
- **26 mars :** Coaching Entretien d'embauche (15.00 - 17.00 / langue FR)
- **28 mars :** Séance d'info - Les études supérieures au Luxembourg (15.00 -17.00 / Maison de l'orientation / langue LUX + FR)

Toutes les informations ainsi que les liens d'inscription sont publiés sur **l'agenda de notre site web** (environ 3 semaines avant la date de l'événement).

# MÉTIERS À (RE-)DÉCOUVRIR

Un phénomène que l'on observe un peu partout : bon nombre de professions ou métiers sont en pénurie ou mal connus. Pour aller à l'encontre de ces constats, nous éditons régulièrement des vidéos "ZOOM" qui présentent des témoignages de professionnels et le cas échéant d'apprenti(e)s en "zoomant" sur les côtés intéressants et fascinants de leur monde de travail. Partez à la découverte avec nous !


**ZOOM...** sur les **pharmaciens !**







## PUBLICATIONS



L'Université populaire du Luxembourg se concentre sur l'apprentissage tout au long de la vie, axé sur le développement personnel.

Découvrez dès à présent la nouvelle brochure éditée par le service de la formation des adultes, reprenant toutes les formations offertes en 2023-2024 par l'Université populaire.

**Consultez la brochure**

# RECHERCHE




**How to support a job seeker? Handbook for Employment and Career Development Counselors - International Labour Organisation - 2023**

Am Kader vu sengem Schwéierpunkt “Youth Unemployment” huet d’International Labour Organisation (ILO) 2023 ënner anerem een **Handbuch fir Beroder - How to support a job seeker? Handbook for Employment and Career Development Counselors** - erausginn.

Dëse praxisorientéierte Guide adresséiert sech u jiddereen, deen am Beräich vun der Integratioun an d’Aarbechtsliewe schafft - sief et an ëffentleche Servicer, an Associatiounen oder an der Formatioun.

De Guide geet op relevant Wëssensberäicher, methodologesch Elementer a Partnerschaften an a kann zesumme mat zwee Guidë benotzt ginn, déi sech direkt un d’Job Seekers adresséieren :

**How to organize my job search?**

**How to choose my future profession?** “


MAISON DE L'ORIENTATION
D'Maison de l'orientation wënscht
Iech schéi Feierdeeg an e gudde
Start an dat neit Joer!